



Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et ass de Projet de loi 7001 iwwert d'Personal am Enseignement fondamental. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Lex Delles.

9. 7001 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Lex Delles** (DP), *rapporteur*.- Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, et geet bei dësem klengen Projet de loi ëm d'Ëmsetze vun engem Accord, deen den 22. Februar vum Éducationnsminister Claude Meisch zesumme mam Syndicat national des enseignants, dem SNE, ënnerschriwwen gouf.

An dësem Accord hunn déi zwou Parteie festgehale, wéi se am Fondamental laangfristeg wëllen an d'Qualitéit vun der Schoul investéieren, fir all de Kanner déi beschtméiglech Chancen ze ginn, an der Schoul ze réusséieren an hinne soumat besser Zukunftsperspektiven ze bidden.

Nieft dem Schafe vun engem onofhängegen Observatoire national de la qualité scolaire, enger besserer Betreierung vun de Schüler mat Verhalensopfällegekten oder Léierschwieregkeeten, der neier Orientéierungsprozedur oder den neie Bilanen, war och d'Tâche vun den Enseignanten ee Punkt, op dee sech de Ministère konnt, no engem éierlechen an oppenen Dialog mam SNE, eenegen.

Esou gëtt, mindestens bis zum Enn vun dëser Legislaturperiod, net un der Tâche vun den Enseignanten direkt gefréckelt an och bleift de System vun den Altersdéchargen deen nämlechen.

Mä, Här President, wat sech allerdéngs mat dësem Projet de loi ännert, ass d'Unzuel u Stonnen, déi am Kader vun der Formation continue mussen vun den Enseignanten aus dem Fondamental gelescht ginn. Esou gesäit dëse Projet de loi vir, déi Stonnen ze verduebelen, also vun elo aacht op dann duerno 16 Stonnen d'Joer ze erhéien. D'Schoulpersonal huet nämlech haut méi wéi jee eng grouss Verantwortung ze droen. Nieft dem reng Schouleschen hu si och e wichtege Rôle, fir d'Kanner mat ganz ënnerschiddlecher Hierkonft, Kulturen an Talenter zesummenzeféieren. Dës Heterogenitéit ass ouni Zweifel eng grouss Chance fir eis Gesellschaft, ma si bréngt op schouleschem Plang och esou munch Erausforderung mat sech, mat där ee sech muss intensiv ausereesetzen.

Eng Formation continue soll een net als Cours d'appui fir d'Enseignanten ugesinn. Eng Formation continue soll hëllefen, aus den Erfahrungen vun aneren Enseignanten ze léieren, nei pädagogesch an didaktesch Methode kënne ze léieren oder fir allgemeng d'Schoul un d'Erkenntnisser vun haut unzepassen.

Aus deenen nämlechte Grënn ass et ze begrëssen, dass och d'Chargés de cours an Zukunft solle 16 Stonnen d'Joer an d'Formation continue goen. Si si feste Bestanddeel vun eise Schoulen an et ass domat logesch, dass och si sech sollen duerch d'Formationen weiderbilden kënnen.

Här President, zu dësem Projet de loi sinn och Avisen erakomm. Ee vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, an deem si keng Bedenke geäussert hunn. A sengem Avis vum 5. Juli huet de Statsrot sech allerdéngs dru gestouss, dass dëse Projet de loi scho sollt um Dag vu senger Publikatioun am Mémorial a Kraaft trieden. Deem gouf dunn och an der Kommissioun Rechnung gedroen, soudass d'Gesetz eréischt dräi Deeg no der Publikatioun a Kraaft triede wäert.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kollegen, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och direkt den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Rapporteur. Dann huet d'Wuert d'Madamm Martine Hansen.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President. Also mir sinn net ëmmer averstane mat all den Accorden, déi den Här Minister mat de Gewerkschaften mécht, mä mat dësem Accord si mer averstanen. Duerfir ginn ech och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci der Madamm Hansen. Den Här Engel huet d'Wuert.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. E klengen Projet de loi, sot de Rapporteur. Dann och eng kleng Ried: Mir sinn d'accord a mir ginn heimadde den Accord vun eiser Fraktioun, der sozialistescher Fraktioun. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Engel. Dann huet d'Wuert den Här Adam.

► **M. Claude Adam** (*déi grëng*).- Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci och fir de Rapport. Ech mengen, de Rapporteur war esou ausféierlech, datt en engersäits gesot huet, wat mer hei stëmmen. Dat heescht, et ass eng Verduebelung vun der Dauer vun der Formation continue fir d'Léierpersonal. An anerersäits huet en awer och gesot, wat mer net stëmmen a wat mer och net wäerte stëmmen an dëser Legislatur, dat heescht, eng aner Ännerung vun der Tâche.

An ech wollt am Fong geholl just kuerz hei d'Wuert ergräifen, well ech och en Artikel gelies hunn. Mir hunn en Accord mat enger Gewerkschaft. Mir hunn awer an der Éducation och zwou Gewerkschaften, an do war eben och eng engagéiert Léierin, déi vum Numm hier mir ganz nosteet, déi en Artikel geschriwwen huet mat der Iwwerschrëft «La goutte qui fait déborder le vase». Ech kann och novollzéien hir Argumentatioun, awer net hir Iwwerschrëft.

Wéi gesot, mir stëmmen hei eng Verduebelung vun der Formation continue a mir hunn och eng Erklärung. An ech soen nach derbäi, datt och 16 Stonnen Formation continue an eisen Aen net e Maximum ass, mä et ass e Minimum. An ech mengen och, datt ganz vill Enseignanten iwwert déi 16 Stonnen ginn.

Just eng kuerz Fro un den Här Minister: Mir hate jo an der Vergaangenheet am Règlement grand-ducal ëmmer stoen, datt een déi Formation continue an Zäit vun dräi Joer kéint maachen. Dat heescht, et kann ee se beienee maachen an et kann ee se awer verdeelen. An do kann een och een, zwee Joer Retard kréien. Ech ginn dervun aus, datt dat och mat där neier Regelung genau d'selwecht ass?

An eng zweet Fro, dat ass och, wat déi Gewerkschaftlerin hei opwerft. Et gëtt effektivt och eng ganz Rei Diskussiounen an de Schoulen, déi, ech mengen, ganz wichteg sinn a wäertvoll sinn. An et gëtt och eppes, an dat hu mer schonn, ëmmer wa mer Diskussiounen gefouert hunn, deemools ass den Här Peping, wéi en nach net Direkter vum IFEN war, och schonn an der Schoulkommissioun gewiescht an huet ëmmer gesot: D'Hospitalioun an anere Klassen, dat wier mat eng vun deene wäertvollste Weiderbildungen.

An duerfir meng Fro un den Här Minister: Gëtt et och ewell mëttlerweil eng Méiglechkeet, fir esou flott Initiative vun der Hospitalioun an anere Klassen, fir dat och ze honoréieren an unerkennen ze loossen am Kader vun der Formation continue?

A selbstverständlech bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Adam. An d'Wuert huet elo den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, villmools Merci. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen och dem Här Rapporteur, dem Här Delles, villmools Merci fir déi Presentatioun. D'ADR stëmmt dëst Gesetz och mat, huet awer eng Rei Bemierkungen.

Dat Éischt ass, et steet am Gesetzestext, et wär keen Impact financier. Wat eis gewonnen huet. Well wann d'Stonnenzuel bei der Formation continue eropgeet, dann ass wahrscheinlech awer en Impact financier domadder verbonnen. En ass vläicht net ganz grouss, mä en existéiert awer.

Dat Zweet ass, datt mer awer och wëllen drop opmierksam maachen, datt et ganz wichteg ass, fir ze kucken, datt d'Qualitéit vun der Formation continue och an d'Luucht geet. Et sinn heiansdo Coursen, déi ugebuede ginn, déi déi

beträffe Leit net zefriddestellen, sief et, datt se net méi op Lëtzebuergesch ugebuede ginn, mä ganz dacks nënnen op Franséisch oder an enger anerer Sprooch, sief et, datt einfach den Inhalt vun deene Coursen net deene Besoinen entsprécht, déi awer d'Enseignantë gären hätten. Dat sinn emol zwou Considérationen, déi mir wëlle mathuelen.

Den Accord, dee mer hei ëmsetzen - och dat ass interessant -, weist eng nei Schwächt vun der Regierung an der Unterrechtspolitik. Et ass schonn net normal an net banal, datt d'Regierung d'Lignes directrices vun hirer Politik mat enger Gewerkschaft verhandelt. Dat ass dann anscheinend net méi elo d'Regierung selwer, déi déi festleet, net méi d'Chamber, déi se determinéiert, mä si ginn a Verhandlungen tëscht der Regierung an der Gewerkschaft da festgeluecht, d'Lignes directrices vun der Erziungspolitik bis d'Enn vun der Legislaturperiod. U sech eng remarkabel Bezeechnung vun deem, wat do geschitt!

An et weist och, wéi schwaach d'Regierung eigentlech elo ginn ass, well a ville vun hire Fuerderungen huet se sech net duerchgesat! Si wollt nei Schoulhorairen a méi Schoulzäiten; eng Fuerderung, déi net erfëllt ginn ass. Si huet sech awer beschränkt op eng Rei vun terminologeschen Ëmbenennungen. Bon, et ass vläicht e bësse méi wéi Terminologie, mä u sech ass net vill geschitt.

Regional Direktiounen ersetzen d'Inspektorat. An da gëtt et och nach eng Mediation tëscht Direkter an dem Personal, wat och u sech aussergewöhnlech ass. An da gëtt en Instituteur spécialisé en développement scolaire agefouert an dofir den Instituteur-ressources ofgeschafft. Och dat ass u sech keng revolutionär Neuerung.

Ech wëllt awer hei net nëmme Kritik maachen. Ech wëll vun der Geleeënheet profitéieren, fir ze soen, datt d'ADR och hei am Wiese vun der Primärschoul eng grondleeënd aner Politik verfolge, wéi déi vun der Regierung. Fir eis ass et net Zil an Zweck vun der Schoulpolitik, fir Instituteurs spécialisés en développement scolaire anzeféieren. Eis geet et ëm eppes anescht. An ech wëll dat hei just an dräi Punkten ukënnegen, ganz kloer, wou et bei eis higee.

Éischtens: Den Niveau an der Schoul muss erëm dättelech eropgesat ginn. Den Nivellement vers le bas gëtt gestoppt an de Leeschtungsprinzip erëm agefouert, och an de Primärschoulen.

Dat Zweet ass: De Lëtzebuergesche Schoulsystem, deen ass do, fir eis national Identitéit ze erhalen, eis traditionell Dräisproochegkeet ze erhalen an un déi nächst Generatiounen virunzeginn.

An drëtzens: Lëtzebuergesch ass Schoul-sprooch, Ëmgangssprooch an Integratiouns-sprooch an all Lëtzebuergesche Schoul.

Dat sinn déi dräi Grondfeiler vun deem, wat mir wäerten de Leit an de Primärschoulen, am Wiese vun de Primärschoulen an eise Wahlprogramm versprochen. Et ass eppes ganz anescht, wéi dës Regierung et mécht. An et ass eng Politik, déi ganz kloer drop hiweist, aus eise Primärschoulen erëm gutt Schoulen ze maachen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. Dann den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Et ass gesot ginn, d'Schoulpersonal huet hautzudaags nach méi Verantwortung oder ëmmer méi Verantwortungen doduerch, datt d'Gesellschaft ëmmer méi komplizéiert gëtt an heterogen gëtt. An dat stëmmt och!

Mir wëssen och, datt d'Schoulpersonal am Fondamental - awer net nëmme am Fondamental, mä och haaptsächlech am Fondamental - u sech net onbedéngt e ganz einfachen Oflaf, Dagesoflaf, Wochenoflaf oder Joresoflaf huet. Et ass och net onbedéngt e Beruff, deen een ageet, wann een dovunner ausheet, datt een net vill ze dinn hätt. Am Géigendeel! Ech mengen, wann een elo mam Schoulpersonal schwätzt, och méi Jonker, da mierkt een oft - dat weess een an dat gëtt och duerch d'Gewerkschaften relayéiert -, datt se staark, ëmmer méi staark iwwerfuert sinn.

D'autant plus, datt jo, duerch déi lescht Reformen, notamment 2009, d'Tâche modifizéiert gouf, an doriwwer misst ee jo och eng kéier erëm diskutéieren, och mat den Interesséierten, well et kann een awer dovunner ausgoen, datt eng Tâche, iwwert déi ee muss diskutéieren, awer net onbedéngt eng besser Tâche ass, net onbedéngt eng Tâche, wou een ëmmer méi ze dinn huet an déi ëmmer méi bürokratesch a formal organiséiert gëtt.

Dat heiten ass eng kleng Gesetzesännerung. Et gëtt vu Formation continue geschwat, well een dovunner ausheet, datt d'Schoulpersonal Formation continue brauch. Ech gi souwiso dovunner aus, an dat wësse mer jo och all, datt déi meescht souwiso informell eng Formation continue maachen. An et gouf och gesot, et ass jo mat enger Gewerkschaft ofgeschloss ginn, mä net mat där anerer Gewerkschaft, dem SEW, ofgeschloss ginn. Ech weess net, ob dat eng gutt Method ass, mä et ass awer de Fakt.

A grad eng Gewerkschaft, déi awer relativ bekannt ass derfir, fir eng Memberschaft ze hunn, déi ganz engagéiert ass an déi och selwer Formationen mécht! An et kann een net dovunner ausgoen, datt esou eng Gewerkschaft der Meenung ass, datt Formationen continue net wichteg wier. Mä et gëtt einfach dohinnergesat, datt déi Leit einfach erëm eng kéier aacht Stonnen méi musse schaffen, pro Joer zwar, dat kléngt net vill, mä si hu scho souwiso Augmentatiounen gehat an der Tâche an deene leschte Joren, datt dat einfach esou eng Verbesserung wier.

Mir mengen net, datt dat eng Verbesserung ass. Mir mengen, dat ass éischer eng bürokratesch Mesure, déi geholl gëtt. A mir sinn der Meenung, datt, wann iwwert d'Verbesserung vum Enseignement an engem komplexen Environnement am Fondamental diskutéiert gëtt, een awer erëm eng kéier misst fundamental mat den éischten Interesséierten - déi hu vill ze soen! - diskutéieren, fir iwwert déi Tâche ze diskutéieren.

Aus deene Grënn wäerte mer deem Projet de loi eis Zoustëmmung net ginn. Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun an d'Wuert huet den Éducationnsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och dem Rapporteur Merci gesot fir seng Explikatiounen. Woubäi esou vill jo och net ze explizéiere war.

Ech wëll nach eng kéier preziséieren, datt et schonn eng Ligne directrice hei ass vun der Politik vun der Regierung, fir Schoulqualitéit ze assuréieren, andeems mer an d'Qualitéit vun den Enseignanten investéieren. Dat maache mer am Beräich vun der Initialausbildung. Dat maache mer am Beräich vun der Berufsaufklärung. Dat maache mer och elo am Beräich, méi staark nach wéi bis ewell, vun der Formation continue. Och duerfir hu mer jo viru gutt engem Joer den Institut de formation de l'éducation nationale gegrënnt, deen eben heimadde derchargéiert ass.

Ech sinn d'accord mat all deenen, déi soen, d'Stonnenzuel eleng, dat ass dat eent, mä d'Qualitéit vun där Formation ass natierlech och dat aner. Mä do hunn ech awer absolut Vertrauen an den IFEN, datt en do op där Schinn weiderfiert, wéi en am Laf vum leschte Joer sech och voll entwéckelt huet, an nach méi och u Qualitéitsentwécklung do ënnerhëlt.

Et sinn eng Rei vu präzise Froen gestallt ginn.

Et bleift derbäi, datt mer eng Moyenne wäerten huelen hei iwwer dräi Joer, datt een also net déi 16 Stonnen an engem Joer muss absolvéieren hunn, mä datt et der dann 48 an dräi Joer sinn. Et ass d'ailleurs och esou, datt dee Schrëtt hei an der Realitéit net onbedéngt eng Verduebelung ass par rapport zur Realitéit, déi mer haut hunn.

Mir hunn emol eng kéier gekuckt, wat an der Moyenne da vu Formation continue vun den Enseignanten aus dem Fondamental gemaach ginn ass déi lescht Joren. An obscho mer eigentlech elo iwwert d'Gesetz jo aacht Stonnen obligatoresch virgeschriwwen hunn, sinn der schonn zielef gemaach ginn, wat awer och emol eng kéier soll gesot ginn. Do ass méi Engagement vun der Säit vun den Enseignantë gelescht ginn, fir a sech selwer, also an eng Professionalisierung ze investéieren, wéi dat vun eiser Säit aus virgeschriwwen ginn ass.

Eng aner Fro vum Claude Adam war déi, ob mer Hospitaliounen - wou een also als Enseignant bei en aneren Enseignant an eng Klass kucke geet, fir ze gesinn, wéi deen eng Method an der Praxis ëmsetzt -, ob mer déi och considéieren. Als Formation continue: Jo, ënnert der Bedéngung, datt dat mam Inspekter ofgeschwat ass an datt deen dat dann och fir sënnavoll fënn, fir grad dohinner ze goen, an datt een och dovunner eppes ka léiere fir seng eege professionell Entwécklung. Dann ass do eng



Stonn och gläichbedeitend mat enger Stonn Formation continue vum IFEN oder soss enzwousch.

Ech wëll fir déi breet Zoustëmmung hei Merci soen. Wéi gesot: Et ass e ganz einfachen Text, e ganz kuerzen Text, mä trotzdeem stécht ganz villes derhannert, well mer awer wierklech nëmmen eng gutt Schoul behalen duerch gutt Enseignanten. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat kënnen mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7001 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7001 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer: 58-mol Jo an 2-mol Neen. Domat ass de Projet 7001 mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par Mme Nancy Arendt), Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Félix Eischen), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent

Zeimet (par Mme Martine Hansen);

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Franz Fayot), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par

M. Roberto Traversini), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.


Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir sinn domat um Enn vun eiser Sëtzung ukomm a gesinn eis muer de Mëtten um zwou Auer erëm. Merci a bis muer.

(Fin de la séance publique à 16.18 heures)



SÉANCE 5

MERCREDI,
16 NOVEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. Ordre du jour

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

3. Dépôt d'une résolution par M. Marc Angel

- M. Marc Angel

4. Dépôt d'une résolution par M. Laurent Mosar

- M. Laurent Mosar

5. Dépôt d'une motion par M. Kartheiser

- M. Fernand Kartheiser

6. Ordre du jour (suite)

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

7. Question élargie n°20 de M. Fernand Kartheiser au sujet des relations avec la Turquie et sur d'éventuelles sanctions

Résolution de M. Marc Angel relative à un appel aux autorités de la République de Turquie à rejoindre la voie de la démocratie, à relancer un processus de paix crédible et un dialogue de bonne foi avec les régions à majorité kurde et à s'opposer à la réintroduction de la peine de mort

Résolution de M. Laurent Mosar relative à un gel des négociations d'adhésion à l'UE avec la République de Turquie, à la continuation du dialogue géopolitique et de coopération sur le plan de la politique étrangère et de défense, à l'approfondissement des relations commerciales, à la modernisation de l'union douanière et à la poursuite de la coopération au niveau de la politique migratoire

Motion de M. Fernand Kartheiser relative au respect des valeurs européennes, des droits de l'homme, de la protection des minorités, de la liberté de presse, de la liberté de l'opposition politique, de la sécurité et de l'intégrité territoriale de la Grèce, de l'intégrité territoriale de la Chypre et à la reconnaissance du génocide arménien

- M. Fernand Kartheiser, M. Laurent Mosar, M. Marc Angel (interventions de M. Laurent Mosar et M. Claude Wiseler), Mme Anne Brasseur, M. Claude Adam (intervention de M. Fernand Kartheiser), M. David Wagner (intervention de M. Gast Gibéryen)

- Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- M. Fernand Kartheiser, M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- Vote sur la résolution de M. Marc Angel (adoptée)

- Vote sur la résolution de M. Laurent Mosar (rejetée)

- Vote sur la motion de M. Fernand Kartheiser (rejetée)

8. 6881 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République des Philippines, signée à Luxembourg le 15 mai 2015

- Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: Mme Taina Bofferding

- Discussion générale: M. Félix Eischen, M. Edy Mertens, M. Gérard Anzia

- Prise de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

9. 6979 - Projet de loi portant modification

I. de la loi du 19 décembre 2014 relative 1. aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle 2. à la promotion de la création artistique, et

II. du Code du travail

- Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: Mme Taina Bofferding

- Discussion générale: M. Serge Wilmes, M. André Bauler, M. Gérard Anzia, M. Marc Baum

- Prises de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, M. Guy Arendt, Secrétaire d'État à la Culture

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

10. 6993 - Projet de loi portant approbation de la Convention européenne pour la protection du patrimoine archéologique ouverte à signature le 16 janvier 1992 à La Valette

- Rapport de la Commission de la Culture: M. André Bauler

- Discussion générale: Mme Martine Mergen (dépôt d'une motion), M. Franz Fayot, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum

- Prise de position du Gouvernement: M. Guy Arendt, Secrétaire d'État à la Culture

- M. Michel Wolter, M. Guy Arendt, Secrétaire d'État à la Culture

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Motion 1: M. Eugène Berger

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, M. Nicolas Schmit et M. Romain Schneider, Ministres; M. Guy Arendt, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.04 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Gudde Mëtteg! Ech maachen d'Sëtzung op a froen direkt d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Neen, Här Président.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci, Här Ausseminister.

2. Ordre du jour

Ech ginn dovun aus, wa meng lescht Informatioun richteg sinn, dass elo direkt eng Rei vu Resolutiounen respektiv Motiounen deponéiert ginn. Ass dat esou?

(Assentiment)

Den Här Angel huet d'Wuert.

3. Dépôt d'une résolution par M. Marc Angel

► **M. Marc Angel** (LSAP).- Jo, Merci, Här Président. Ech wollt am Numm vun ons alleguer, vun alle Parteien hei an der Chamber, eng Resolutioun zur Situatioun an der Türkei hei areechen. Den 11. November ass eis per Courrier électronique eng Propos vun engem Text vun déi Lénk zoukomm. Déi hu mer ganz iwwerholl a mir hunn an der Kommissioun op meng Suggestiounen hin déi nach erweidert. Duerfir wollt ech déi elo ofginn. Zum Contenu wäert ech dann herno schwätzen.

Ech wëll just ënnersträichen: Si ass vun alle Parteien, déi hei an der Chamber vertruede sinn, gedroen. Wann ech gelift!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Très bien!

Résolution

La Chambre des Députés, constatant

- qu'au mois de mai 2016, la Grande Assemblée nationale de Turquie a décidé de suspendre l'immunité parlementaire de 138 députés, vote rendu effectif par promulgation du Président de la République de Turquie le 7 juin 2016;

- que cette suspension de l'immunité parlementaire a été dénoncée par le Parlement européen, en date du 9 juin 2016, comme un déni de droit et une atteinte à la liberté d'expression;

- qu'en date du 20 mai 2016, la Commission européenne a exprimé de sérieuses préoccupations à l'égard de cette décision;

- que la Commission de Venise recommande la réinstauration de l'inviolabilité des députés dans son avis du 14 octobre 2016;

- que l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe, dans sa résolution du 22 juin 2016, s'est montrée très inquiète par la détérioration du fonctionnement des institutions démocratiques en Turquie;

- que suite au coup d'État manqué du 15 juillet 2016, le Gouvernement de la République de Turquie a mis en branle une vaste opération de suspensions ou d'arrestations de fonctionnaires ou de citoyens;

- que plus de 140 journalistes, dont le rédacteur en chef du principal quotidien d'opposition du pays, Cumhuriyet, ont été placés en état de détention ou d'arrestation et que près de 200 organes de presse ont été fermés suscitant ainsi la protestation au niveau international des organisations et syndicats de journalistes;

- qu'en date du 3 novembre 2016, le Procureur d'État a ordonné l'arrestation de dix députés issus du parti HDP, dont les deux coprésidents du parti;

- que depuis ce coup d'État manqué, le Président de la Turquie et un nombre de politiciens turcs se sont montrés favorables à plusieurs reprises à la réintroduction de la peine de mort;

- que la Commission européenne a constaté, dans son rapport sur la Turquie du 9 novembre 2016, une détérioration de la situation concernant l'indépendance de la justice et de la liberté d'expression;